



RAPPORT D'ACTIVITÉ 2022

D'Missioun vum radio 100,7

De radio 100,7 ass den ëffentlech-rechtleche Radiosender zu Lëtzebuerg. D'Zil vum Sender ass, déi vilfälteg Realitéite vun enger Gesellschaft am permanente Wandel ze reflektéieren. Am Aklang mat senger Missioun bitt de radio 100,7 Noriichten, Aktualitéit aus Kultur a Gesellschaft esou wéi musikalesch an edukativ Ënnerhaltung, mam Zil jidderengem aus der Gesellschaft e breeden Zougang zu sengem Programm ze offréieren. De radio 100,7 gëtt vum Média de service public 100,7 bedriwwen, engem onofhängegen Etablissement public.

Alles wat wichteg ass: Zu Lëtzebuerg an doriwwer eraus





Virwuert vum Direkter

Um Pabeier huet et vun engem Dag op deen anere geännert: Den 12. August 2022 ass aus dem "Etablissement de radiodiffusion socioculturel" de "Média de service public 100,7" ginn. Fir de radio 100,7 a seng Ekippen ass dës Wiessel allerdéngs méi: Eng Unerkennung vun all den Efforten an dem Asaz zanter 1993, fir e Radio, deen am Ufank déi soziokulturell Nisch ofgedeckt huet, hin zu engem vollwärtigen öffentlech-rechtleche Medium ze entwéckelen. E Radio, deen haut eng komplett Offer un Informatioun, Kulturprogrammer an Ënnerhaltung ubitt. Eleng nëmmen, datt de Begrëff vum "service public" elo endlech explizitt am Gesetz festgehale ass, ass fir den 100,7 eng grouss Unerkennung.

D'Gesetz vum 12. August 2022 gëtt dem 100,7 eng kloer Gouvernance, déi d'Onofhängegkeet vum Haus sécherstellt. Den Etablissement public ënnerläit kenger Tutelle vun engem Minister méi. D'Membere vum Verwaltungsrot ginn elo vum Verwaltungsrot selwer proposéiert (ausser de Staatsvertrieeder, déi an der Minoritéit sinn). D'Onofhängegkeet vun der redaktioneller Aarbecht ass explizitt gesécher an d'Autoritéit, des Onofhängegkeet ze garantéieren, läit am Radio selwer, beim Direkter. Och wann dës scho virdrun esou gelieft gouf, war et wichteg, des Prinzippe formal am Gesetz festzeschreiwen. Am Alldag kënnen d'Journalisten an d'Journalistin vum 100,7 sech op de Redaktionsstatut beruffen, deen d'Prinzippen definéiert, wéi des Onofhängegkeet am Konkreten ofgesécher ass.

De radio 100,7 hellt den neien Opdrag als "radio généraliste" de "service public de radiodiffusion du Grand-Duché de Luxembourg" ze sécheren eescht an huet och 2022 weider an d'Qualitéit vu senger Offer investéiert. Ënner der Impulsioun vum neie Programmchef Yves Stephany gouf bei der Rentrée den Akzent verstärkt op ee méi dynamesche Programm, mat méi Live-Elementer gesat. D'Noriichtenoffer am Moiesprogramm gouf gestärkt. D'Kultur-Aktualitéit krut all Dag tëschent fënnef a sechs Auer e feste Rendez-vous.

Mam Podcast "Schlechte Schüler" huet de radio 100,7 d'lescht Joer och fir d'éischt e groussen Audioreportage produzéiert, deen net an éischter Linn fir de Radioprogramm, mee fir e Lauschteren "à la demande" ausgeréicht ass. Souwuel vun der inhaltlecher Recherche, der technescher Qualitéit wéi vun der Resonanz vum Public war dës eng positiv Erfahrung. Den 100,7 wäert och op dësen neien Knowhow opbauen, an an Zukunft reegelméisseg journalistesch Podcasten zu gesellschaftlech relevante Sujete produzéieren.

Am August huet de radio 100,7 seng "Kannerkëscht" lancéiert. Um Internetsite an an der App fënnt een hei zu all Moment d'Offer vum Radio fir Kanner - vun zäitlose Geschichten a Märcher bis zu aktuelle Reportagen. Dës Service wäert reegelméisseg ausgebaut ginn, fir eis jonk Nolauschterer an Nolauschterinnen op Lëtzebuergesch ze ënnerhalen an ze informéieren, ouni kommerziell Hannergedanken, mee dofir (ouni Ecran) mat genuch Raum fir hirer Fantasie Plaz ze loossen.

Den Etablissement public konnt den Exercice 2022 mat gesonde Finanzen ofschléissen. Den Iwwerschoss läit bei 234.812 €, no engem Defizit vun 181.681 € am Joer 2021. Am Hierscht sinn éischt Gespréicher iwwer eng nei Finanzéierungskonventioun mam Staat ugelaft, déi am Mäerz 2023 ofgeschloss konnte ginn. Esou ass de Finanzement vum Service public och fir d'Period 2024 bis 2030 ofgesécher, wat dem 100,7 erlabe wäert, säin Déngscht um Nolauschterer weider auszubauen.

Ech soen den Nolauschterinnen an Nolauschterer vum radio 100,7 Merci fir hiert Vertrauen, dem Verwaltungsrot fir seng Ënnerstëtzung, der Ekippen fir hiren Asaz a ka versprechen, datt de radio 100,7 och am Joer 2023 alles maache wäert, fir en informativen an ënnerhalsame Programm um Radio an och nei Offeren op den digitale Plattformen unzébiden.

Programm

Bei der Rentrée vun der Saison 2022-23 gouf Wäert drop geluecht fir de Radioprogramm méi un d'Besoien an den Dagesrhythmus vun den Nolauschterinnen an Nolauschterer unzepassen. Radio ass e Medium, deen eis duerch den Dag begleet. Deem wollt de Radio am neie Programm méi Rechnung droen.

De Moien mam Simon Larosche krut eng méi héich Kadenz un Noriichten an Informationsbäitrag. Well déi wéinegst moies Zäit hu stonnelaang Radio ze lauschteren, ass et d'Ambitioun vum radio 100,7 fir déi wichtegst Informatiounen vum Dag méiglechst komplett a gläichzäiteg kompakt ze vermëttelen. Déi etabléiert Formater, wéi d'Presserevue oder den/déi Invité:e vum Dag si weiderhi Piliere vum radio 100,7 senger Offer am Moien.

Am Fong ass en neit Format, an deem d'Natasha Ehrmann mat sengen Invitée Problemer ugeet, déi eis am Alldag beschäftegen. Technologie, Gesondheet, Ernährung, Ëmwelt, Konsumenteschutz oder Inklusioun sinn e puer vun den Theemeberäicher, déi Dag fir Dag um 9 Auer um radio 100,7 traitéiert ginn.

Nom Mëttegiesse proposéiert de Marc Clement all Dag am **Popfilter** e musikaleschen Dessert. De Cutting Edge vum alternative Pop trëfft op confirméiert Nimm. D'Nolauschterinnen an d'Nolauschterer gi mat sécherer Hand duerch déi ënnerschiddlech Spillaarte vum Genre geleet. De Rendez-vous ass um 13 Auer.

Keen anere Radio beschäftegt sech esou am Detail mat der Kultur zu Lëtzebuerg, wéi de radio 100,7. Fir der Kultur e feste Rendez-vous a méi Zäit am Programm ze ginn, gouf am September **Kultur um 5** ageféiert. Eng Stonn, déi ganz am Zeeche vun der kultureller Aktualitéit steet: Labber awer kritesch diskutéieren dem Radio seng Experten an Expertinnen iwwer alles, wat ee wësse muss.

Um Samschdeg däerf de Simon Larosche Gas ginn. **Simon Says** ass dat neit Format um 18 Auer, fir de Weekend op Touren ze bréngen. Hei ass alles erlaabt.

Och de Sonndegmoie gouf nei geduecht. An der beschter **SonndesBox** begleet d'Tessy Steffen Koenig d'Nolauschterer an d'Nolauschterinnen tëschent 8 an 10 mat labberer Musek, invitéiert ongewéinlech Perséinlechkeeten aus Kultur a Gesellschaft an invitéiert all Weekend op e Spadséiergang an d'Natur.

DE MOIEN

méindes-freides
vu 6:00-9:00

mam
Simon Larosche

radio
100,7



AM FONG

méindes-freides
vu 9:00-10:00

mam
Natasha Ehrmann

radio
100,7



POP FILTER

méindes-freides
vun 13:00-14:00

mam
Marc Clement

radio
100,7



KULTUR UM 5

méindes-freides
vu 17:00-18:00

radio
100,7



SONNDES BOX

sonndes
vu 8:00-10:00

mam
Tessy Steffen Koenig

radio
100,7



SIMON SAYS

samschdes
vu 18:00-19:00

mam
Simon Larosche

radio
100,7



Redaktioun

Schlechte Schüler: Éischt gross Podcast-Produktioun zu Lëtzebuerg

Am November 2022 huet de radio 100,7 säin éischten "original narrative nonfiction podcast" publizéiert. Op (méi) Lëtzebuergesch kann ee vun engem "narrative Podcast-Documentaire" oder engem "journalistesche Storytelling-Podcast" schwätzen. Gemengt ass een tendenziell méi laangt Format, an deem journalistesche Contenu mat dramaturgesche Mëttele spannend verzielt gëtt.

"[Schlechte Schüler](#)" huet iwwer sechs Episode vu ronn enger hallwer Stonn de Lëtzebuergeschen Schoulsystem ënner d'Lupp geholl.

An der Lëtzebuergescher Mediewelt war et déi éischt Podcast-Produktioun vun deem Ausmooss. A se hat Succès: Mat iwwer 20.000 Streamingen an zousätzlech e puer dausend Nolauschterer an Nolauschterinne während der Diffusioun vun de Podcast-Episoden am Radioprogramm gouf et e groussen Interessi um opwennegen Audioformat.

E Redaktionsstatut fir de Schutz vun der Onafhängegkeet vun de Journalisten a Journalistinnen

D'Gesetz iwwer de Média de service public 100,7 gesäit fir déi éischte Kéier e Redaktionsstatut vir: D'Direktioun an d'Chefredaktioun hu mat deem Redaktionsstatut am Joer 2022 d'Reegelen an d'Prinzipien definéiert, déi d'Informatiounsfräiheet garantéieren: Gereegelt sinn domat d'Rechter an d'Obligatiounen vun de Journalisten a Journalistinnen an déi editorial Kompetenz vun der Chefredaktioun an der Generaldirektioun. D'Dokument ass vum Verwaltungsrot approvéiert ginn an um Internetsite www.100komma7.lu fräi zougänglech.

D'Suite vun der Partnerschaft mat Euranet Plus

De Média de service public 100,7 ass weider Member vun Euranet Plus, dem Reseau vun europäeschen Radioen iwwer déi europäesch Aktualitéit. Euranet Plus huet eng weider europäesch Ausschreiwung gewonnen. Deemno ass de Projet bis op d'mannst Enn 2024 ofgesécher.



Musek

2022 ass d'Musekszeen an d'Concertsaktualitéit weider aus dem Covid-Blues erwächt. D'Museksredaktioun war frou, nees kënnen op Festivalle wéi de Koll an Aktioun, Siren's Call oder och nach Usina22 live ze intervenéieren. Op dësen Evenementer gouf live vun der Plaz gesent an et gouf sech do mat Museker:innen a weideren Acteuren aus der Museksbranche ënnerhalen. Am Kader vun de Congés Annulés an de Rotonden ass de radio 100,7 esouguer selwer zum Booker ginn. Um 100,7 Air Break Event stoungen déi Lëtzebuerger Formatiounen Sheebaba, Loivós a LINQ zu Bouneweg op der Bün. Dës Concerte goufen iwwerdeems vun eis opgeholl a wäerten op der Antenn ze héiere sinn.

Musek aus Lëtzebuerg

Musek aus Lëtzebuerg spillt am Programm vum radio 100,7 eng zentral Roll. 18 Prozent vun der (net klassescher) Musek, déi mir diffuséieren, staamt vu Kënschtler:innen aus Lëtzebuerg. 2022 hu mir méi wéi 120 Interviewe mat Acteuren an Actricen aus der Lëtzebuerger Musekszeen realiséiert.

Eurosonic Showcase Festival

Den Eurosonic Showcase Festival zu Groningen an Holland ass eng vun de wichtegste Plattformen an Europa fir nei Talenter an der Museksbranche. Als Member vun der European Broadcasting Union (EBU) kann de radio 100,7 all Joer een Act designéieren, deen um Festival kann optrieden. Am Januar 2022 war Francis of Delirium fir den 100,7 op der Bün.

Diversitéit

Bei der musikalescher Programmation vum radio 100,7 ass d'Diversitéit ganz wichteg. Leider spillt d'Geschicht vun der Popmusik dobäi net ëmmer an d'Kaarte vun der Museksredaktioun: Op engem Drëttel vun der Musek, déi 2023 diffuséiert gouf, séngt eng Fra. Bei den Disken, déi als Album vun der Woch presentéiert goufen, séngt allerdéngs op zwee Drëttel eng Fra.



Table ronde um USINA22




De Marc Clement am Interview mat der MISS SAPHO um Beautiful Decay Festival



De Simon Larosche um 100,7 AIR BREAK am Kader vun de Congés Annulés



D'Emissioun TRENDSCHEIF live vum Siren's Call



Interview mat der NICOOL um Koll an Aktioun

Klassesch Musek

Concerten

Am Joer 2022 huet de radio 100,7 85 Concerte vu Lëtzebuenger Museker:innen, Ensembelen an Orchesteren opgehall an diffuséiert. Dorënner ware sechs Live-Diffusiounen aus der Philharmonie.

European Broadcasting Union

Tëschent dem 01.01.2022 an dem 31.12.2022 huet de radio 100,7 16 Concerte vum Philharmoneschen Orchester Lëtzebuerg a vun de Solistes Européens, Luxembourg an der EBU offréiert, een dovunner live.

Dës 16 Concerte goufen am selwechten Zäitraum 89 Mol vun EBU-Memberen an enger ganzer Rei europäesche Länner an och doriwwer eraus, wéi z. B. a Japan, den USA an a Korea, diffuséiert.

International Classical Music Awards

De radio 100,7 presentéiert a bewäert pro Joer ronn 200 nei Albumen aus dem Beräich vun der klassescher Musek. Op Basis dovu mécht de radio 100,7 als Jurysmember vun den International Classical Music Awards (ICMA) seng Propose fir d'Nominatioun fir dësen international renomméierte Präis. Dorënner si reegelméisseg och Lëtzebuenger Produktiounen.

2022 krut de Philharmoneschen Orchester Lëtzebuerg e Präis an der Kategorie "zäitgenëssesch Musek" fir eng Opnam mat Wierker vum spuenesche Komponist Francisco Coll. Op Propositioun vum radio 100,7 a vu pizzicato.lu krut de Lëtzebuenger Dirigent Pierre Cao e Spezialpräis fir säi Liewenswierk. D'Präiswuerreechung an de Gala Concert waren den 21. Abrëll 2022 an der Philharmonie an de radio 100,7 huet e live iwwerdroen.

Partenariater

De radio 100,7 war 2022 ënner anerem Mediepartner beim Festival Rainy Days, beim Festival 33,7 vum Ensembl Lucilin, vum CAPE, beim MoselMusikFestival, beim Festival vu Buerglënster a beim Klänge Maarnecher Festival. Doriwwer eraus huet e mat de Conservatoiren aus der Stad, vun Esch a vun Ettelbréck zesummegeschafft.

Auf Flügeln des Gesanges


2022 goung d'Emissioun "Auf Flügeln des Gesanges" op en Enn. An 42 Episoden huet den Trio Cénacle (Michèle Kerschenmeyer, Nico Wouterse an Evelyn Czesla) zesumme mam radio 100,7 en déiwen Abléck an d'Welt vum Lied proposéiert. Dëst souwuel iwwer Gespréicher wéi och mat Lied-Opnamen an Tounbeispiller, déi am Studio 8 vum radio 100,7 entstane sinn.



Lucilin 33,7



De Francesco Tristano am Interview



Lucilin 33,7

Online

Den Internetsite vum radio 100,7 huet d'Adress www.100komma7.lu. De radio 100,7 ass och op [Facebook](#), [Twitter](#) an [Instagram](#) aktiv. D'Online-Präsenz vum Radio gouf 2022 weider ausgebaut an alignéiert.

Déi fënnef meescht geliest Artikel op www.100komma7.lu am Joer 2022 waren:

1. **[Claude Meisch: Eenzel Schoule kéinten zoumaachen](#)**
2. **[Lëtzebuenger Fuerscher verléiert säin Job no Kritik un der Regierung](#)**
3. **[Schlechte Schüler Launch Artikel](#)**
4. **[Virwërf vu Fake News: Verdedegungslinn vun der Lydie Polfer ass net an der Rei](#)**
5. **[Invitée vum Dag: Françoise Thoma](#)**

Déi fënnef meescht gelauschtert Emissiounen (eenzel Episoden) an der Mediathék 2022 sinn:

1. **[Sot emol - Philip Crowther](#)**
2. **[Sot emol - Dr. Bernard Thill: D'Mënschlechkeet steet am Mëttelpunkt](#)**
3. **[Rendez-vous um Weekend - Mona Saberi a Jean-Pierre Schmit](#)**
4. **[Invitée vum Dag - Catherine Richard](#)**
5. **[Sot emol - Dr. Germain Wagner: "Resilienz ass e schéint Wuert"](#)**

Users: 352.152

Sessions: 862.245

Player: 124.059 Pageviews

[Kannerkëscht - Kläng fir déi Kleng](#)

Den 1. September 2022 gouf d'Kannerkëscht op 100komma7.lu an der 100,7 App disponibel, gefëllt mat Lauschtergeschichten op Lëtzebuergesch fir Kanner vun 3 bis 12 Joer, praktesch no dräi Altersgruppen opgedeelt. D'Inhalter vun dëser Audiothék kënnen op Demande ofgeruff ginn: ë. a. Déiergeschichten vum Dan Tanson, Geschichten vum Jos vun der Anja Di Bartolomeo an de wéchentleche "Kannereck" vum Jean Claude Majerus. D'Kannerkëscht gëtt all Woch nei opgefëllt an an Zukunft kommen och méi opwenneg produziéiert Lauschtergeschichten dobäi.



Technik / IT

Aus der Sicht von der Technik war 2022 een Iwwergangsjoeer. Et koum net vill Neies dobäi, mee ganz villes gouf stabiliséiert. Et war och dat éischt Joer aus der Pandemie eraus. Am Beräich vun der EBU gouf de Satellitenempfang op Audio-over-IP (AoIP) ëmgestallt. D'Telefonie ass elo zu 100 Prozent Voice-over-IP (VoIP). Ufanks Februar huet d'EBU en Digital-Transformation-Workshop am Haus geleet. De Radio ass am Aarbechtsgrupp vum Ëmbau vun der Villa Louvigny, mat Bléck op e méiglecht spéidert Benotze vum Concertssall.

Dee gréissten technesche Projet war d'Ëmsetze vun engem éischten Internetradio a parallel d'Virbereedunge fir d'Studio- an d'Sendessoftware vum Radio ze erneieren. D'Planifikatiounen heizou hunn ee groussen Deel vun de Ressourcë benotzt. D'Späicher Capacitéite goufe vu 50 op 170 TB erweidert.

De Radio huet am Summer 2022 d'Ausschreiwung fir den Developpement vun engem neien Internetsite lancéiert. D'Aarbechten hunn am Dezember ugefaangen, mam Zil den neie Site Ufank Summer 2023 ze lancéieren.



Kommunikatioun

An der Kommunikatioun huet de radio 100,7 am leschte Joer de Fokus op digital Vermarktung gesat. Fir gréisser Projete wéi de Schlechte Schüler Podcast oder d'Kannerkëscht ze promoten, gouf cibléiert Publicitéit op Facebook an Instagram geschalt, fir esou prezis wéi méiglech déi viséiert Zilgruppen ze erreechen.

Bei der Newsletter, déi eemol an der Woch samschdes um 13:00 Auer verschéckt gëtt, konnt 2022 e Wuesstem an der Receptioun festgestallt ginn. D'Newsletter ass e "Best-Of" vun der Radiowoch a werft e Bléck op de Weekendprogramm.

Fir d'Rentrée 2022 gouf en Depliant fir de Programm vun der Saison 2022/2023 ausgeschafft. D'Verdeelung geschitt ë. a. op Baussenoptrëtter a läit an de kulturelle Partnerhaiser. Fir d'Kannerkëscht gouf e Lieszeechen entworfen, mat den Illustratioune vun der Lëtzebuurger Illustratorin Lynn Cosyn.

Op de ville Baussenoptrëtter resp. Liveschaltungen war de Radio mat neiem Dekoratiouns- a Promotiounsmaterial méi visibel. Bei dësen Asätz gouf, souwuel virdru wéi währenddem, verstärkt op sozial Media gesat an der Kommunikatioun mat den Nolauschterinnen an Nolauschterer.



"Déi wonnerbar VaLibrairie" live vun de Walfer Bicherdeeg



Programmdepliant vum radio 100,7 fir d'Saison 2022/2023



Kannerkëscht Lieszeechen

Ressources Humaines

Als Service public leet de radio 100,7 Wäert op d'Ausbildung vun der nächster Generatioun vu Journalisten a Journalistinnen. Inspiréiert vun der Ausbildungspraxis an däitschsproochige Medienhaiser huet de radio 100,7 en zweejärege Programm entwéckelt, dee Praxis an Theorie, Tutorat a formell Formatioun, in-house an international Experienz verbënnt. An deem Kader gouf 2022 dat éischt Volontariat ausgeschriwwen an eng jonk motivéiert Persoun rekrutéiert.

Dësweidere goufen 2022 fënnf nei Mataarbechter:innen um radio 100,7 agestallt a genee esou vill hunn de Radio verlooss. Op den 31. Dezember 2022 hat de Radio 57 fest Mataarbechter:innen (fir 50,2 ETP oder equivalent temps plein), dovou 44 Prozent Fraen a 56 Prozent Männer.

An der operativer Leedung vum radio 100,7 goufen et 2022 direkt e puer intern Verännerungen. Den Yves Stephany gouf am Februar den neie Programmchef, den Jamie Reinert neie Responsabele vun der Museksredaktioun. Am Mee huet de Richard Thilmany als neie Responsabel Ressources Humaines ugefaangen.

Eng formell Home-Office Reegelung gouf ausgeschafft, déi et de Mataarbechter:inne weiderhin erlaabt deels vun doheem ze schaffen an domat Privat- an Aarbechtswiege besser an Aklang ze bréngen. Och d'Gestaltung vun der interner Kommunikatioun, regelméisseg Meetingen an de Servicer an Einzelgesprécher stoungen am Fokus vun der Leedung, fir de professionnelle Bien-être ze steigern. Kontinuéierlech Formatiounen an intern esouwéi extern Weiderbildung sinn e weideren zentralen Aspekt, op dee sech konzentréiert gouf, fir d'Qualitéit vum Radio an d'Zefriddenheet vun de Mataarbechter:inne laangfristeg ze garantéieren.





Gouvernance

De Média de service public 100,7 ass eng onofhängeg öffentlech-rechtlech Kierperschaft, déi duerch d'Gesetz vum 27. Juli 1991 iwwer déi elektronesch Medie geschafe gouf an haut vum Gesetz vum 12. August 2022 encadréiert gëtt. De Verwaltungsrot huet néng Memberen, dorënner sechs, déi onofhängeg sinn, déi representativ fir dat soziaalt a kulturellt Liewen zu Lëtzebuerg sinn, an dräi, déi de Staat representéieren.

D'Programmation vum radio 100,7 steet ënner der Responsabilitéit vum Direkter, deen den alldeegleche Betrib vum radio 100,7 féiert.

Den 31. Dezember 2022 war de Verwaltungsrot aus dese Membere zesummegeesat:

- Véronique Faber, *Presidentin*
- Tania Brugnoni
- Jean-Marie Haensel (*Staatsvertrieder*)
- Josée Hansen (*Staatsvertriederin*)
- Raphael Kies
- Steph Meyers
- Pierre Reuter
- Renée Wagener
- Thierry Zeien (*Staatsvertrieder*)

Regierungskommissärin: Céline Flammang

Verwaltungsrotssekretärin: Pia Betz

Direktioun

Jean-Lou Siweck

Sekretariat

Patricia Weber, *Responsabel Administratioun*

Redaktioun

Jean-Claude Franck, *Chefredakter*

Pia Opper, *stellvertriedend Chefredakterin*

Musek

Luc Boentges, *Responsabel klassesch Musek*

Jamie Reinert, *Responsabel net-klassesch Musek*

Programmchef

Yves Stephany

Technik & IT

Pascal Tesch, *Responsabel vum service technique*

Dirk Schleder, *stellvertriedende Responsable vum service technique*

Kommunikatioun

Semir Demic, *Responsabel Kommunikatioun*

Ressources Humaines

Richard Thilmany, *Responsabel Ressources Humaines*



Rapport d'activité 2022

Cadre légal modernisé, gouvernance adaptée, indépendance assurée : La nouvelle loi du 12 août 2022 portant organisation de l'établissement public « Média de service public 100,7 » a consacré presque 30 ans d'engagement pour la radiodiffusion de service public par les équipes de la radio 100,7. Lancée en 1993 comme radio de niche dédiée à une programmation socio-culturelle, la radio 100,7 est maintenant formellement chargée de produire un service de radiodiffusion généraliste d'information, de culture et de divertissement, y compris ses extensions numériques.

Fort de la formalisation de cette ambition, la radio a continué en 2022 à investir dans la qualité de ses programmes. Sous l'impulsion du nouveau responsable des programmes, Yves Stephany, l'accent a été mis sur des émissions plus dynamiques, recourant davantage aux éléments en direct. Dans la tranche matinale, la place accordée à l'information a été élargie. Les sujets de la vie quotidienne ont reçu plus de place avec l'émission Am Fong. L'actualité culturelle bénéficie pour sa part dorénavant d'un rendez-vous fixe, chaque jour en semaine de cinq à six heures.

Avec le podcast « Schlechte Schüler », la radio a produit une première fois un grand reportage audio conçu dès le départ davantage pour l'écoute en ligne que pour la diffusion dans le cadre du programme linéaire. Sur base des retours positifs et du savoir-faire acquis, elle développera à l'avenir ce type de productions de podcasts journalistiques.

En août, la radio a mis en ligne sa « Kannerkëscht », une collection de contes, d'histoires et d'émissions d'informations pour enfants de 3 à 12 ans, rassemblés sur son site web et son application mobile pour une écoute à la demande – sans arrière-pensées commerciales, par contre en laissant (en absence d'écran) amplement de place pour l'imaginaire enfantin. L'offre est appelée à être étoffée.

L'établissement public a clôturé l'exercice avec un excédent de 234.812 € après un déficit de 181.681 € en 2021. La situation financière reste saine. La radio compte un effectif de 57 personnes (50,2 équivalents temps plein).

Les négociations de la nouvelle convention de financement pluriannuelle ont été lancées en automne et ont pu être conclues en mars 2023. Le financement du service public sera ainsi assuré aussi sur la période 2024 à 2030, permettant au 100,7 de développer ses services aux auditeurs.

Média de service public 100,7
(Anciennement Etablissement de Radiodiffusion Socioculturelle)
Établissement public

COMPTES ANNUELS ET RAPPORT DU RÉVISEUR D'ENTREPRISES AGRÉÉ

31 DÉCEMBRE 2022

**21a, avenue J.F. Kennedy
L-1855 Luxembourg**



RAPPORT DU RÉVISEUR D'ENTREPRISES AGRÉÉ

Au Conseil d'Administration du
Média de Service Public 100,7
Etablissement public
21A, Avenue J.F. Kennedy
L-1855 Luxembourg

Opinion

Nous avons effectué l'audit des comptes annuels de Média de Service Public 100,7, (ci-après «l'Etablissement»), comprenant le bilan au 31 décembre 2022 ainsi que le compte de profits et pertes pour l'exercice clos à cette date, et les notes aux comptes annuels incluant un résumé des principales méthodes comptables.

À notre avis, les comptes annuels ci-joints donnent une image fidèle de la situation financière de l'Etablissement au 31 décembre 2022, ainsi que des résultats pour l'exercice clos à cette date, conformément aux obligations légales et réglementaires relatives à l'établissement et à la présentation des comptes annuels en vigueur au Luxembourg.

Fondement de l'opinion

Nous avons effectué notre audit en conformité avec la Loi du 23 juillet 2016 relative à la profession d'audit (la loi du 23 juillet 2016) et les Normes internationales d'audit (ISA) telles qu'adoptées pour le Luxembourg par la Commission de Surveillance du Secteur Financier (CSSF). Les responsabilités qui nous incombent en vertu de la loi du 23 juillet 2016 et des normes ISA telles qu'adoptées pour le Luxembourg par la CSSF sont plus amplement décrites dans la section « Responsabilités du Réviseur d'Entreprises Agréé pour l'audit des comptes annuels » du présent rapport. Nous sommes également indépendants de l'Etablissement conformément au code international de déontologie des professionnels comptables, y compris les normes internationales d'indépendance, publié par le Comité des normes internationales d'éthique pour les comptables (Code de l'IESBA) tel qu'adopté pour le Luxembourg par la CSSF ainsi qu'aux règles de déontologie qui s'appliquent à l'audit des comptes annuels et nous nous sommes acquittés des autres responsabilités éthiques qui nous incombent selon ces règles. Nous estimons que les éléments probants que nous avons recueillis sont suffisants et appropriés pour fonder notre opinion d'audit.

Responsabilités du Conseil d'Administration pour les comptes annuels

Le Conseil d'Administration est responsable de l'établissement et de la présentation fidèle des comptes annuels, conformément aux obligations légales et réglementaires relatives à l'établissement et à la présentation des comptes annuels en vigueur au Luxembourg, ainsi que du contrôle interne qu'il considère comme nécessaire pour permettre l'établissement des comptes annuels ne comportant pas d'anomalies significatives, que celles-ci proviennent de fraudes ou résultent d'erreurs.

Lors de l'établissement des comptes annuels, c'est au Conseil d'Administration qu'il incombe d'évaluer la capacité de l'Etablissement à poursuivre son exploitation, de communiquer, le cas échéant, les questions relatives à la continuité d'exploitation et d'appliquer le principe comptable de continuité d'exploitation, sauf si le Conseil d'Administration a l'intention de liquider l'Etablissement ou de cesser son activité ou si aucune autre solution réaliste ne s'offre à elle.

Responsabilités du Réviseur d'Entreprises Agréé pour l'audit des comptes annuels

Nos objectifs sont d'obtenir l'assurance raisonnable que les comptes annuels pris dans leur ensemble ne comportent pas d'anomalies significatives, que celles-ci proviennent de fraudes ou résultent d'erreurs, et de délivrer un rapport du Réviseur d'Entreprises Agréé contenant notre opinion. L'assurance raisonnable correspond à un niveau élevé d'assurance, qui ne garantit toutefois pas qu'un audit réalisé conformément à la Loi du 23 juillet 2016 et aux ISA telles qu'adoptées pour le Luxembourg par la CSSF permettra toujours de détecter toute anomalie significative qui pourrait exister. Les anomalies peuvent provenir de fraudes ou résulter d'erreurs et elles sont considérées comme significatives lorsqu'il est raisonnable de s'attendre à ce que, individuellement ou collectivement, elles puissent influencer sur les décisions économiques que les utilisateurs des comptes annuels prennent en se fondant sur ceux-ci.

Dans le cadre d'un audit réalisé conformément à la Loi du 23 juillet 2016 et aux ISA telles qu'adoptées pour le Luxembourg par la CSSF, nous exerçons notre jugement professionnel et faisons preuve d'esprit critique tout au long de cet audit. En outre :

- Nous identifions et évaluons les risques que les comptes annuels comportent des anomalies significatives, que celles-ci proviennent de fraudes ou résultent d'erreurs, concevons et mettons en œuvre des procédures d'audit en réponse à ces risques, et réunissons des éléments probants suffisants et appropriés pour fonder notre opinion. Le risque de non-détection d'une anomalie significative résultant d'une fraude est plus élevé que celui d'une anomalie significative résultant d'une erreur, car la fraude peut impliquer la collusion, la falsification, les omissions volontaires, les fausses déclarations ou le contournement du contrôle interne ;

